

heiten, sou wéi den Här Clement gesot huet, endlech och geschitt.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Premier-minister. Parole après ministre fir den Här Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, ech wëll just eppes kloerstellen, Här President. Als President vun der Commission de vérification des pouvoirs hu mer 2018 eng ganz Rëtsch Problemer bemierkt am Waloflaf, och an de Prozeduren, eebe well Saachen deelweis falsch ausgefëllt goufen, falsch gestempelt ginn, net gestempelt ginn, net ënnerschriwwen ginn. Déi ganz Prozedur ass nach relativ almoudesch, a mir hu bei de Gemengewale gesinn, datt et zu Interpretationsdifferenze féiert. Mir gesinn et och elo warscheinlech erëm.

Mir hunn deemools als Chamber, als Institutioun, de Staatsministère als Institutioun kontaktéiert, fir ze kucken, wéi eng Léisungen ee kéint an e Projet de loi oder eng Proposition de loi maachen. Dat ass elo bal fënnf Joer hier a mir sinn deemools higehele gi mam Argument, de Staatsministère géif souwiso mat enger Reform vum Walgesetz kommen. Mir hunn haut de Moie beim ASBL-Gesetz gesinn, datt Proposition-de-loien, déi vun der Opposition deposéiert ginn – och viru fënnf Joer – elo einfach kommentarlos iwwerholl ginn an da schlussendlech net emol eise Projet agebaut gouf, formell, mee einfach ignoréiert gëtt. Dofir, jo, et ass all Deputéierte säi Recht, eng Proposition de loi ze maachen. Et ass awer net esou, datt en dat ëmmer probéiert ze abuséieren. A wann de Staatsministère seet: „Mir schaffen un enger Reform“, da wëlle mir konstruktiv heibannen als Chamber dodrunner mat-schaffen. Mee ech stelle fest, datt op ganz ville Punkten awer dat, wat an den Avisa vum 2018 an 2019 steet, net gemaach gouf. Ech sinn awer frou, datt dat heite Gesetz gemaach gouf.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8150. Den Text steet am Document parlementaire 8150<sup>4</sup>.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8150 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat ... Nee, en ass mat 59 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8150 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Dan Biancalana), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie*

*Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### **3. 8036 – Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 27 février 2011 sur les enquêtes parlementaires**

Als zweete Punkt um Ordre du jour kënn d'Proposition de loi 8036, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Enquêtékommisssioun. An de Rapporten, den hono-rabelen Här Charles Margue, huet direkt d'Wuert.

#### **Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle**

**M. Charles Margue** (déi gréng), coauteur-rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kol-leegen, mam zweete Vott vum neie Verfassungstext Enn vum leschte Joer, deen elo an der Nuecht vum e Freideg op e Samschdeg wäert a Kraaft trieden, war dës wichteg Reform kengesweegs scho fäerdeg. Mir haten eis d'Wuert ginn, dass mer eis géife virum 1. Juli eens ginn, fir dat ze reegelen. Dat ass elo geschitt an hei ass d'Gesetzpropos vun de Mëtteg.

Parallèll zur Finalisatioun vun de véier Kapitelbléck hate mer an der Institutionskommissioun och schonns ugefaangen, déi vun den neien Dispositiounen betraffe Gesetzestexten op de Leescht ze huelen, fir se zäitno, dat heescht méiglechst virum Akraafttriede vun der neier Verfassung, nach kënnen unzepassen.

Déi elo grad gestëmmte Proposition de loi 8150 zum Walrecht am Fall vun enger Tutelle war de Mëtteg déi éischt Proposition an deem Verfassungsreformkon-text, an ech hunn ech elo d'Éier an d'Aufgab, Iech als Rapporten eng weider Proposition de loi, d'Nummer 8036 iwwert d'parlamentaresch Enquêtékommis-sioun, virzustellen.

Fir der neier Verfassungsdispositioun gerecht ze ginn an hiren Exercice ze encadréieren an nach e puer wei-der punktuell Froen ze klären, déi sech bei de leschte Commissions d'enquête gestallt hunn ... Pardon ...

(M. Charles Margue consulte ses notes.)

Hei hat ee recto verso gedréckt, da kann et schifgoen. (Hilarité)

Voilà, zweet Säit uewen. Dat ass dann déi zweet vun insgesamt véier verfassungsrelevante Propositions de loi, déi mer haut de Mëtteg elo um Ordre du jour hunn an déi mer awer och nach, wéi gesot, virum 1. Juli evakuéiert kréien.

Während den nach aktuelle Verfassungsartikel just kuerz festhält, dass d'Chamber den Droit d'enquête huet, mee all weider Detailer dem Gesetz iwwer-léist, preziséiert den neie Verfassungsartikel 81 elo de Seuil, fir esou eng Kommissioun anzesetzen. Ech hunn dat selwer hei rapportéiert: „La Chambre des Députés a le droit d'enquête. La loi règle l'exercice de ce droit. Une commission d'enquête doit être insti-tuée si un tiers au moins des députés le demande.“

Mat dëser Proposition de loi adaptéiere mer deem-no dat besteeënd Gesetz iwwert d'Enquêtes parle-mentaires, wat d'Gesetz vum 27. Februar 2011 ass

iwwert d'Enquêtékommisssioun, wéi gesot, mat deem duebelen Objektiv: fir der neier Verfassungsdisposi-tioun gerecht ze ginn an hiren Exercice ze encadréie-ren an nach e puer weider punktuell Froen ze klären, déi sech an de leschte Commissions d'enquête ge-stallt hunn.

D'parlamentaresch Enquêtékommisssioun ass en es-sentiell wichteg Instrument vun der Chamber, fir d'Aarbecht vun der Regierung ze kontrolléieren. De Seuil, deen néideg war, fir se anzesetzen, war bis elo d'Majoritéit vun den Deputéierten. Den neie minoritäre Seuil vu just 20 Deputéierten oder méi wäert deemnächst d'Asetz vum esou Kommissiou-nen daitlech méi einfach maachen, an et kann een dervun ausgoen, datt hir Unzuel iwwert déi nächst Legislaturperioden dierft klammen.

Och dofir ass et ëmsou méi wichteg, datt mir mat der virleiender Propos de Kader fir de Gebrauch an den Oflaf vun esou Enquêtékommisssiounen méiglechst kloer an detailléiert reegelen an dass d'Rechter, d'Flichten an d'Responsabilitété fir all d'Bedelegt kloer sinn.

Bei de Viraarbechten huet d'Cellule scientifique vun der Chamber eis drop higewisen, datt et zanter 1945 wuel just fënnf esou Enquêtékommisssiounen vum Lëtzebuerger Parlement gi sinn, eng Partie vun Iech wësse besser, vu wat ech schwätzen. Et gouf der zwou an den 1980er-Joren, eng an den 1990er-Joren, eng an den 2000er-Joren an déi lescht, dat ass elo schonn iwwer zéng Joer hier, datt war 2012.

Et ass deemno zu Lëtzebuerg bis ewell eng éischter rar an aussergewöhnlech Praxis. Dat ass awer bei Wä-tem net iwwerall esou. Bei eise franséischen Nopere-n huet d'Assemblée nationale zum Beispill eleng an der viregter Legislatur 2012 bis 2017 ganzer 16 esou En-quêtékommisssiounen agesat.

Dat ass allerdéngs net de Modell, dee mer elo hei als Institutionskommissioun ustriewen, well och scho weesentlech manner Enquêtékommisssiounen eis ronn zéng mol méi kleng Chamber an eis op vill Fach-kommisssiounen verdeelt 60 Deputéierter géife ganz séier un Zäit- a Capacitéitslimite bréngen.

De Commentaire d'article zur Verfassungsännerung huet de Sënn an Zweck esou beschriwwen: „Une commission d'enquête a pour objet de recueillir des éléments d'information afin d'éclaircir une situation ou thématique spécifique afin d'aboutir à une meil-leure compréhension de la problématique, d'explorer d'éventuelles questions de responsabilité, d'en pou-voir tirer des conclusions et d'adopter le cas échéant des recommandations visant à améliorer l'action publique.“

Wat sinn elo déi konkret Ännerungen um Gesetz vum 27. Februar 2011? Et gëtt méi kloer definéiert, wéi eng Enquêtékommisssioun kann ugefrot an age-sat ginn, wéi hir Missioun definéiert gëtt, wéi laang se schaffe kann – am Prinzip sech Méint –, wéi hirt Mandat kann ëm dräi Méint verlängert ginn, wéi hir Missioun ka modifizéiert ginn, wéini hir Missioun op en Enn geet, zum Beispill bei Walen, wéi eventuell Avis minoritaires traitéiert ginn a wéini en Tëscherap-port noutwendeg ass.

Et gëtt och eng Karenzzeit vun zwielef Méint age-fouert, bannent där nei Enquêtékommisssiounen mat der identescher Missioun, déi grad cloturéiert gouf, net kënnen frësch lancéiert ginn. An et gëtt och fest-gehalen, datt ab sechs Méint virun den nächste Wale keng nei Commission d'enquête méi dierf lancéiert ginn.

An da ginn och nach d'Rechter vun de Persounen, déi gehéiert ginn, méi kloer am Gesetz definéiert. Esou

muss zum Beispill de Verbatim vun esou Unhéierungen de Persounen zougänglech sinn, mee dierf net geännert ginn. Observatiounen vun de betroffene Leit zu hiren am Verbatim fixéierten Aussoe sinn awer méiglech.

D'Regierung hätt et laut hirer Stellungnam begréisst, wann d'Institutionskommission nach e puer zousätzlech Leitplanken a Garde-foue fir den Exercice vum Droit d'enquête agefouert hätt. Sou hat d'Regierung et gefrot. Den Awänn vum Staatsrot konnt awer iwwerall Rechnung gedroe ginn, soudatt d'Institutionskommission de schréfftleche Rapport zu dëser Proposition de loi nach gëschter in extremis konnt unhuelen an den Text deemno mam Akraaftriede vun der neier Verfassung prett ass.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren a ginn dann och den Accord fir déi gréng Fraktioun.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools dem Här Rapporteur Charles Margue.

An d'Wuert huet den éischten ageschriwwene Riedner an dat ass den honorabelen Här Léon Gloden.

### Discussion générale

**M. Léon Gloden (CSV)**, coauteur | Merci, Här Président. Merci dem Rapporteur fir säi schréfftlechen a mündleche Rapport. An den Debatten iwwert déi nei Verfassung si mer ausféierlech op dës grouss Ännerung agaangen. Et ass souzesoen eng vun den Haaptännerungen, och ëmmer erëm an der Ligne de mire, dat eeben déi nei Verfassung d'Pouvoir vun der Chamber, vum Parlament, vis-à-vis vun der Regierung stärkt. An dofir hu mer eis notament inspiréiert bei eisen däitsche Kolleegen oder beim Europäesche Parlament, fir de Seuil vun dem Quorum fir eng Enquêtekommission ze decidéieren, en erfesetze vun enger Majoritéit op 20 Deputéierter. Ech mengen, d'Argumenter leien op der Hand.

Zweetens – an dat ass jo och ee vun de Fil-rouge vun der neier Verfassung – hu mer probéiert, bei allen Institutionsen och d'Fonctionnementsregelen ze preziséieren, an de Rapporteur ass eeben och hei drop agaangen. Well bei esou enger wichtiger Commission d'enquête – well et ass jo awer en ausseruerdentlecht Instrument – muss et kloer sinn, wat een därff maachen, wat een net därff maachen, wat d'Delaie sinn, wéi d'Delaie kënnen verlängert ginn.

Ech wëll et och op dëser Plaz nach eng Kéier soen – ech sinn do e gebrandmarkt Kand, well ech de Pech oder d'Chance hat, eebe schonn eng Kéier an esou enger Enquêtekommission ze siegieren –: Et ass en aussergewöhnlecht Instrument. Et muss net, mee et kann natierlech zu der Responsabilitéit vun enger Regierung féieren, egal wat fir eng Partei um Pouvoir an der Koalitioun ass. Et ass en Instrument, wat souzesoen „nolanteg“ declenchéiert muss ginn. Mee wann et declenchéiert gëtt, da muss d'Chamber och hir Roll ausfüllen a se muss och déi néideg Pouvoiren hunn, fir kënnen déi Enquête esou ze féieren, dat se dann och zu engem Resultat kënnt. D'Resultat ass e Rapport, an opgrond vun deem Rapport mussen dann, jo oder neen, politesch Decisiounen geholl ginn.

Dës gesot, ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools dem Här Gloden, an da wier et um honorabelen Här Guy Arendt.

**M. Guy Arendt (DP)** | Merci, Här Präsident. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Häre Ministeren, am Kader vun der leschter Verfassungsrevisioun hu mir den Droit d'enquête reforméiert, ech mengen, dat ass elo schonn e puermol ugeklungen, Dir hutt et scho matkritt.

Bis elo war eng absolut Majoritéit noutwendeg, fir eng Enquêtekommission anzeberufen, an elo gesäit den Artikel 81 vun eiser Verfassung vir, dat op Demande vun engem Dréttel vun den Deputéierten eng Enquêtekommission agesat ka ginn.

Orientéiert gouf sech souwuel un däitsche Grondgesetz wéi um Traité zum Fonctionnement vun der Europäescher Unioun. Dës Upassung gouf virgeholl, well eng Majoritéitsregierung mat den ale Reegelen d'Méiglechkeet hat, eng Enquêtekommission ze verhéieren. Duerch d'Een-Dréttel-Ufuerderung stärke mer d'Kontrollfunktoun vun der Chamber a vun der Opposition.

Fir ze vermeiden, dat eng Enquêtekommission zu alle méigleche Sujeten ugefrot gëtt a privat Interëten Iwwerhand huelen, leeë mir d'Konditioun fest, dat esou eng Ennersichung sech just op Froe vun öffentliche Interesse bezieen dierf. D'Aarbechte vun enger Enquête dierfen ausserdeem d'Dauer vu sechs Méint net iwwerschreiden. Eenzeg Ausnam ass eng eemoleg Verlängerung vun dräi Méint, déi vun der Chamber op Basis vun enger Resolutioun accordéiert ka ginn. Esou eng Limit ass sënnavoll, fir dat d'Aarbechten effikass oflafen, ouni onnéideg an d'Längt gezunn ze ginn. Ausserdeem dierfen zum selwechten Objet keng weider Enquêtes innerhalb vun de leschten zwielef Méint nom Enn vun der leschter Missioun ugefrot ginn, dës natierlech fir ze vermeiden, dass sech ze oft mat engem eenzelne Sujet beschäftegt gëtt. Doduerjer feelee Ressourcen, fir aner wichteg parlamentarecht Aarbechten ze verrichten.

E leschte Punkt, op deen ech agoe wëll, ass d'Dispositioun, dat sechs Méint virun de legislative Wale keng Enquêtekommission méi kann agesat ginn, d'Begrënnung ass esou einfach wéi evident: Sechs Méint virun de Wale ass et kaum méiglech, genuch Zäit fir d'Missioun ze hunn an d'Aarbechte gutt ze verrichten. Um Enn vun enger Legislatur gëtt d'Kommission opgeléist, well jo och net méi zwéngenderweis déi selwecht Deputéiert an der nächster Legislaturperiod derbäi sinn. D'Aarbecht no de Wale nees nei ze organiséieren ass op d'mannst schwier, wann net souguer bal onméiglech.

Éischer nach géif ouni dës Limit d'Institution vun enger neier Kommission blockéiert ginn, well d'Limit vun den zwielef Méint, déi ech virun ugeschwat hunn, deen Ament gräife géif. Eventuell hätt ee kënnen iwwerleeën, fir weider Limite festzeleeën, wéi se an anere Länner existéieren, fir d'Kontinuitéit vum Staat souwéi de Schutz vu wichtige Geheimniser oder vun Dréttpersonen, déi net direkt der politescher Kontroll ënnerleien, ze garantéieren.

A Frankräich gëtt et zum Beispill eng Limit, wéi vill Enquêtekommissionen vun enger politescher Partei während enger uerdentlecher Sätzungsperiod ugefrot kënnen ginn. An och de Rapporteur vun enger Enquêtekommission huet bei eise franséischen Nopere bestëmmt Pouvoirs d'enquête, déi déi aner Memberen net hunn.

Aner Limite bezieet sech konkret dorobber, wat ënner déi Ennersichungsbefugnisse fällt oder wéi eng Dokumenter oder Dossiere musse bereetgestallt ginn a wéi eng net.

Här Präsident, Kolleeginnen a Kolleegen, dës Proposition de loi ass net fuerchtbar laang an och net fuerchtbar komplizéiert, mee si ass wichteg, well mir mat hir net nëmmen eis Verfassungsrevisioun berücksichtigen, mee och d'Chamber an hirer Funktioun als Kontrollorgan vun der Regierung stärken – an dat ass jo an eiser neier Verfassung oder ofgeänneter Verfassung e roude Fuedem. Gläichzäitig baue mir och gewësse Garde-fouen an, déi en eventuell abusiven

Émgang mam Droit d'enquête verhéieren. Ob mir an Zukunft weider Garde-fouen abae mussen – e puer hunn ech der elo grad schonn opgeléist –, wäert sech mat der Zäit weisen. Op alle Fall schafe mir eng méi grouss Transparenz.

Ech ginn heimadder den Accord vu menger Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Opmerksamkeet, gradwéi ech och deene Leit Merci soen, déi heirunner geschafft hunn.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Arendt. An da war et um honorabelen Här Mars Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**, coauteur | Merci, Här Präsident. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass richtig, wéi dat scho vun de Virriedner gesot ginn ass, dass d'Stärkung vun eiselem Parlament wéi e roude Fuedem duerch deen neie Verfassungstext geet. Et gëtt eng Rei vu Beispiller, déi dat illustréieren.

Éischters emol kënnt eist eegent Reglement op méi fest Féiss stoen, d'Fundament vum Reglement gëtt gefestegt. D'Recht op Informatiounen, déi mer vun der Regierung froen, gëtt gestärkt. Eis Roll bei Vertrauens- a Mësstrauensvotte gëtt gereegelt, an hei ass e weidert schaarft Instrument, wann ech dat esou därff soen, dat derbäikënn. D'Asetze vun enger Commission d'enquête gëtt vereinfacht. De Blockage vun enger Majoritéit vun 31 géint eng Opposition vun 29 als méiglechen Zenario gëtt erausgeholl.

Mee, opgepasst – an ech ënnersträichen dat, well och an der ganzer Diskussioun ëmmer erëm esou affirméiert ginn ass, och vun de Kolleeg Corapportere vun der Verfassung –: Déi Commission d'enquête, déi mer elo erliichten, ass net automatesch eng Chambre d'accusation vun enger Regierung. Wa mer dat systematesch wëllen hunn, da mësbrauch mer dat heiten Instrument. Dat heiten Instrument kann duerchaus och gebraucht ginn, fir Fact Finding a komplexen Dossierer ze maachen, kann duerchaus derzou gebraucht ginn, fir Verbesserungen an der Politik, an eiser Politik och, erbäizeféieren. An et ass kloer – et ass virdru gesot ginn –: Mir sinn e klenge Parlament. Mir kënnen net eng Inflation vun Ennersuchungskommissionen, Enquêtekommissionen, stemmen. An et géllt och hei de Prinzip: „Trop de commissions d'enquête tuent la commission d'enquête.“ Dofir, e schaarft Instrument, mee mat deem ee virsichteg an intelligent soll ëmgoen.

Wat, mengen ech, wichteg ass, nach ze ënnersträichen, dat ass, dass zwar, wann déi Rahmenbedingungen erfüllt si ronderëm déi Commission d'enquête, déi Commission d'enquête vun 20 Leit hei an der Chamber agesat muss ginn – also, wa se d'Rahmenbedingungen erfüllt –, mee dass awer d'Zusammensetzung vun där Kommission no de Reegele vun den normale Kommissionen geschitt. Ech fannen, dass hei eng remarkable Aarbecht vun der Institutionskommission gelescht ginn ass an dass déi Echange, déi mer hate mat der Regierung, an déi Echange, déi mer hate mam Conseil d'État, derzou bäigedroen hunn, dës Proposition de loi, dës Instrument, weider ze verbessern.

An ech wëll alle Kolleegen e grouse Merci soen, dass se dat traditionellt Majoritéit-Oppositions-Denken a -Verhalen an den Eck gestallt hunn an den Interêt vun eiser Institution an de Vierdergrond gestallt hunn. Dat ass déi richtig Attitud bei esou engem Projet wéi deem heiten. Dofir merci Iech all a mir maachen dat Bescht aus dem neien Instrument, dat mer hei an d'Hand kréien a mir wäerten dat och verantwortungsvoll gebrauchen. Domat soen ech Iech Merci.



**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Di Bartolomeo. An da geet d'Wuert un den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, Här President, villmools merci. Ech mengen, dat heiten ass och epees, wou mer eis eens sinn, an dat ass och ganz gutt esou, well verschidde vu menge Virriedner hunn op d'Bedeutung vun dëser neier Méiglechkeet higewisen.

Effektiv schwätze mer hei vun enger Stärkung vum Parlament, wat mir och begréisst bei aller Kritik, déi mer géintwärt der neier Verfassung och kënnen hunn, mee dat heiten ass ouni Zweifel eng vun de ganz gudden Neierungen, mat där mer och wäerte selbstverständlech mat vill Verantwortung ëmgoen. An den Här Arendt huet a sengen Erklärungen och mat Recht drop higewisen, datt mer och e bësse mussen kucken, wéi sech dat Instrument bewäert, wéi et sech entwéckelt – e bëssen „the proof of the pudding is in the eating“. Mir kucken, wéi dat elo geet, an dann, wa mer da mussen nobesseren oder preziséieren, da maache mer dat.

Mee ech géif de Gedanken e bësse méi wäit spannen, deen den Här Mars Di Bartolomeo elo a senger Interventioun gesot huet, an och aner Virriedner, den Här Gloden: Mir schwätzen hei net nëmme vun enger Stärkung vum Parlament, et geet u sech ëm eng Stärkung vun der Oppositioun. Ech mengen, fir dat ganz kloer ze soen, ass et sécher d'Institutioun als Ganz, déi gestärkt gëtt. Mee et ass virun allem och déi Méiglechkeet vun 20 Deputéierten, déi hei net eng Majoritéit duerstellen, fir dat ze froen, an dat muss och da kënnen duerchgesat ginn, datt dat net ka blockéiert ginn, mee datt dann esou eng Kommissioun och agesat gëtt.

Ech wëll just drun erënneren: Mir haten an dëser Legislaturperiod e puermol eng Diskussioun ëm déi méiglech Asetzung vun enger Ennerschungskommissioun. Mir haten dat ... An den Nofollge vun der Covidkris hate mer esou eng Diskussioun, ech mengen, mir haten esou eng bei der SuperDrecksKëscht. Mir haten also och hei rezent nach Beispiller, wou dee Wonsch opkomm ass, wou e sech awer net duerchgesat huet. An et ass einfach, fir ze ënnersträichen, datt d'Opportunitéit vun esou enger Kommissioun awer erëm reegelméisseg hei am Parlament zur Sprooch kënnt an datt mer eis opgrond vun deenen Erfarungen aus de leschte Jore wäerte mussen drop ariichten, datt d'Warscheinlechkeet, datt an der nächster Legislaturperiod schon esou epees ka kommen, relativ héich ass. Mir mussen eis also dorobber virbereeden.

Wéi gesot, mir als ADR begréissten dat, well mer gär hätten, datt eng gutt Demokratie op enger staarker Oppositioun opbaut a mir wäerten dëst och dann ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser. An d'Wuert geet weider un d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** | Merci och, Här President. Merci och dem Rapporteur fir säin exzellente Rapport. Jo, déi lescht Enquêtékommisssioun zu Lëtzebuerg war viru gutt zéng Joer am Kader vun der SREL-Affär. Säit der Koalitioun tëscht DP, LSAP an déi gréng, déi ugekënnegt haten, „d'Fënstere grouss opzemaachen, fir frësche Wand eranzeloossen“, gouf also allkéiers e bëssen op d'Brems gedréckt, wann d'Oppositioun eng Enquêtékommisssioun gefuerdert huet. Ech erënnere mech beispillsweis un d'Demande fir eng Enquêtékommisssioun am Kontext vum Projet LUXEOSys oder och d'Affär SuperDrecksKëscht.

Vu datt eebe bis zur Revisioun vun der Verfassung eng Majoritéit vun 31 Deputéierten duergaangen ass, fir esou eng Demande ze refuséieren, waren der

Oppositioun allkéiers d'Hänn relativ gebonnen. A genee dofir, also aus dem Bléckwénkel vum Contrôle parlementaire vun der Oppositioun, ass et absolutt ze begräissen, datt elo gläich nëmmen nach 20 Deputéierter gebraucht ginn, fir eng Enquêtékommisssioun ze lancéieren. Ech denken, hei kann een also roueg vun enger wierklecher Stärkung vun der Oppositioun schwätzen, wéi den Här Kartheiser et och grad gesot huet. An deem Kontext begräissen ech och, datt de Saz „Une modification ultérieure de cette mission nécessite une résolution de la Chambre des Députés“ am Text, wéi mir en haut votéieren, gestrach gouf.

Ech hat meng Bedenken och an der Kommissioun an a menger Ried zum entsprecheenden Deel vun der Verfassungsrevisioun geäussert, wéi ech sot, datt et kontradiktöresch wier, op der enger Säit 20 Deputéierten d'Recht ze ginn, eng Enquêtékommisssioun ze lancéieren, an dann awer ze erlaben, datt eng Majoritéit duerno d'Missioun vun der Enquêtékommisssioun ännere kéint. Eng Kollegin vun der DP hat deemools gemengt, et misst een awer e bësse Vertrauen hunn, mee ech muss éierlech soen, dass mir an dësem Fall d'Approche vum Conseil d'État besser gefält, deen einfach gekuckt huet, ob den Text konform zur Verfassung ass, an dat war en ënnert dëser Form eebe net.

Dofir begréisst mir, déi Lénk, ausdrécklech, datt elo kloer am Text steet, dass d'Faits à la base de l'enquête esouwéi d'Missioun vun der Enquêtékommisssioun déi sinn, déi an der initialer Demande dann och stinn.

Ech luewen dann och de Conseil d'État dës Kéier fir seng gutt Aarbecht a mir begréissten dësen Text an ënnerstëtzen en natierlech. Villmools Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Jo, merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, fir d'éischt e grouse Merci un de Rapporteur fir de mëndlechen a schrëftleche Rapport. Et war jo en Text, deen awer fir e bëssen Diskussiounen och an der Kommissioun gesuergt huet, an ech mengen, datt déi ganz gutt am schrëftleche Rapport erëmgéi gi sinn. Am Mëndleche geet ee jo éischer op den Text wéi op d'Diskussiounen an, mee ech mengen, mir haten eng ganz konstruktiv Zesummenaarbecht an der Kommissioun, a mir hunn och, mengen ech, zesumme Léisunge fonnt, fir souwuel dat, wat de Staatsrot ugemierkt huet, zum Deel aus der Welt ze schafen, zum Deel awer och ganz kloer, dat mat eriwuerzehuelen.

Wéi wichteg dës Proposition de loi ass, dierft jidderengem heibanne méi wéi bewosst sinn a warscheinlech deem, deen elo grad vis-à-vis vu mer sëtz, dem Premier, ëmsou méi, well et ass hie jo, deen och virun zéng Joer an där leschter Enquêtékommisssioun involvéiert war, déi et hei zu Lëtzebuerg gouf.

**Une voix** | An de SREL.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Duerch eng Enquêtékommisssioun an duersch e klore gesetzleche Kader gi mer der Chamber e wichtegen Outil. Mir stäerken domadder d'Institutioun a mir ginn eis en neien Outil am Kampf géint d'Politickverdrossenheet. Kee Mënsch steet iwwert dem Gesetz, och net d'Politiker an d'Politikerinnen. Wann en Abus de pouvoir sollt virkommen, da muss dat déi entsprecheend Konsequenzen hunn. D'Chamber kann dann och an Zukunft déi entsprecheend Enquêté méi einfach lancéieren.

Zudeem ginn déi eenzel Schrëtt a Modalitéite festgehale an, ech mengen, och do ass et e grouse Worf no vir par rapport zum aktuelle Gesetz, wat dat awer méi rudimentär ëmfaasst huet. Virun allem och d'Méiglechkeet, datt d'Minoritéitsmeenungen,

d'Minoritéitskonklusiounen, herno kënnen am Rapport vun enger Enquêtékommisssioun festgehal ginn, ass an eisen Aen e wichtegen Outil, deen et virduen net gouf an dee mer heimadder schafen, well et erlaabt eng méi nuanciéiert Duerstellung vun der Situatioun. Dat ass epees, wat béidsäiteg schafft. Et ass net epees, wat just der Oppositioun zegutt kënnt, datt kënnt natierlech och dem Kontrolléierten zegutt, well et erlaabt, an Zukunft méi nuanciéiert Rapporten ze ginn, déi eebe net nëmme schwaarzweiss mussen sinn, méi déi eebe kënnen e puer Facetten ofbilden.

An och domadder stärke mer d'Vetraue vu de Biergerinnen a Bierger an eis politesch Institutioun, well mir dierfen och net mengen, datt Politickverdrossenheet e Randphenomeen ass. Et gëllt, et esecht ze huelen. An dës Politickverdrossenheet kënnt ënner anerem haut dohier, datt vill d'Leit d'Gefill hunn, datt sech Politiker alles erlabe kënnen. Dat ass weeder de Fall, nach dierft et de Fall sinn.

An domadder ginn ech den Accord vun de Piraten. Ech soen Iech alleguerter Merci fir déi ganz gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun op deem heiten Text. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

### **Prise de position du Gouvernement**

**M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État** | Här President, merci. Dem Här Margue och merci vun onser Säit. Et ass, wéi gesot, eng Proposition de loi. De Prinzipp ass, dass mer eis aus Proposition-de-loien och eraushalen, mee erlaabt mer just hei och ... Ech hunn et scho virdu bei dem viregten Text gesot: An dräi Méint si Walen. Dat dote gëtt en Instrument fir eng nächst Regierung, mee, sou wéi de Mars Di Bartolomeo an aner Orateuren hei gesot hunn: Et ass Responsabilitéit. Et ass keng Chambre de mise en accusation. Et geet net drëms, fir ëffentlech Prozesser ze maachen, wou herno näischt erauskënnt, well soss geet et just drëms, een au pilori ze stellen, och wann ee weess, dass näischt drun ass.

An hei ass en Instrument, wat do ass, wa politesch Saache solle verbessert ginn, wa Saache mussen traitéiert ginn, wa Saache mussen bekannt gemaach ginn, analyséiert ginn. An et ass just dee Message, deen ech ginn als fréiere Member och vun dëser Chamber: Et soll net en Instrument de politique politicienne sinn, mee et soll en Instrument sinn, fir och weiderzekommen, fir Transparenz ze schafen, an eebe och, sou wéi den Här Clement elo just gesot huet, fir dass net d'Gefill kënnt vun enger Politickverdrossenheet, déi och dann ze verstoen ass, well een da probéiert, een deen aneren ze decken. Nee, dat heiten hëlleft – an ech wëll soen – net nëmme der Oppositioun, et hëlleft der Institutioun.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Staatsminister Xavier Bettel. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwer d'Proposition de loi 8036. Den Text steet am Document parlementaire 8036<sup>6</sup>.

### **Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 8036**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Proposition de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmegeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon*

Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Frank Colabianchi) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Dan Biancalana), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

#### 4. 8037 – Proposition de loi relative aux propositions motivées aux fins de légiférer

Mir kommen elo zur Proposition de loi 8037 iwwert d'Biergerinitiativen. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Proposition de loi, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo.

##### Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), coauteur-rapporteur | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat der Proposition de loi 8037 setze mer eng vun deene wichtege Erneuerunge vun eiser iwwerschaffter Verfassung, déi den 1. Juli a Kraaft trëtt, an d'Praxis ëm. Domat wäert déi aktiv Bedeelegung vum Bierger um legislative Prozess erweidert ginn.

D'Verfassungskapitel iwwert d'Chamber an de Staatsrot gesäit am neien Artikel 79 Follgendes vir: „La Chambre des Députés se prononce en séance publique sur des propositions motivées aux fins de légiférer, présentées par cent vingt-cinq et soutenues par douze mille cinq cents électeurs au moins. La loi règle l'exercice de ce droit d'initiative législative.“ Dat geschitt elo mat dëser Proposition de loi.

D'Iddi hannert dësem Instrument fir d'Biergerbedeelegung geet bis op de Regierungsprogramm vun 1999 zrëck. 2004 sollt de Projet de loi 5132 schon esou en Instrument an eis Legislatioun afügen. De Staatsrot huet sech awer deemools opposéiert. D'Chamber war du gewëllt, dës Neierung an der Verfassung ze berücksichtegen – dat ass geschitt an haut gi mer an d'Praxis iwwer.

Nom Avis vom Conseil d'État zu der Proposition de loi 8037, deen eng Rei vun Oppositions formelles enthalen huet, huet d'Institutionskommissioun deenen Awänn vum Staatsrot Rechnung gedroen an no deenen Adaptatiounen wäert den Oflaf vun dëser Initiativ folgendermoosse lafen: Fir eng Proposition de loi duerch de Bierger kënnen ze presentéieren, brauch et 125 Leit, déi esou eng Proposition abréngen, an et brauch 12.500 Leit, déi se ënnerstëtzen. Déi béid Gruppe mussen Wieler bei de Legislativwale sinn.

Déi Virschléi beschränke sech op normal Gesetzer, kënnen also keng Revisioun vun der Verfassung viséieren. Et kënnen Virschléi fir en neit Gesetz sinn oder fir d'Ännerung vu besteende Gesetzer respektiv fir e Gesetz ofzeschaffen. Et kënnen keng Gesetzesprojeten oder -propositionen modifizéiert ginn, déi schon am legislative Prozess sinn. D'Proposen hunn déi nämmelech Form wéi eng Proposition de loi, si mussen op Franséisch verfaasst sinn. Eng Proposition, déi refuséiert ginn ass, dierf net mam nämmelechten oder quasi nämmelechten Objet innerhalb vun engem Joer nei abruucht ginn.

Den Depot kann elektronesch gemaach ginn. Mir hunn dofir en extrae Site op eisem allgemenge Chambersite ageriicht, deen den 1. Juli mat der Akraaftsetzung vun der Verfassung online geet. Déi kënnen iwwert den elektronische Wee respektiv iwwert de Pabeierwee – awer net vermëscht – abruucht ginn. All Wieler muss säin Numm, Virnumm, seng Identifikationsnummer, seng Mail-Adress fir den elektronischen Depot respektiv seng Adress, wann et iwwer Pabeier geet, uginn. D'Identitéit vun deenen 125 Wieler, déi de Virschlag presentéieren, gëtt vun der Chamber kontrolléiert souwéi och hir Aschreiwung op de Wielerlëschten. Do kënnen mer op d'Hëllef vum Centre des technologies de l'information vum Staat zielen, fir och déi néideg Confidentialitéit ze sécheren.

D'Presidentekonferenz kontrolléiert an den dräi Méint nom Depot d'Anhale vun den Depotskonditiounen. Wann d'Presidentekonferenz d'Propos als recevabel ugesäit, da ka se net méi zeréckgezu ginn. Wann d'Konditiounen net erfëllt sinn, da gëtt se hifälleg. Déi Proposen, déi d'Konditiounen erfëllen, ginn um speziell ageriichte Chambersite publizéiert an ab deem Dag vun der Publikatioun kënnen och d'Ënnerschrëfte gesammelt ginn.

Déi recevabel Propos muss d'Ënnerstëtzung vu weinstens 12.500 Wieler kréien, dat an engem Delai vu véier Wochen ab dem Moment, wou d'Collecte vun de Signaturen ugaangen ass. D'Ënnerstëtzung kann och do elektronesch oder op Pabeier gemaach ginn, net vermëscht. Jidderee vun de Wieler muss säin Numm an erëm eng Kéier all déi Donnéeën, déi virdru verlaangt sinn, uginn. Och hei kontrolléiert d'Chamber d'Reichtheet vun den Donnéeën vun de Signatäre, souwéi hir Aschreiwung op de Wielerlëschten. Am Fall vum Netrespekt vun de Konditiounen gëtt d'Prozedur clôturéiert. Ass alles an der Rei, schreift d'Conférence des Présidents den Debat iwwer d'Propos op den Ordre du jour vun enger nächster ëffentlecher Sétzung. D'Conférence des Présidents ka virdru Debat Proposen an eng parlamentaresch Kommissioun weiderginn, fir dass dës zousätzlech Erläuterunge vun den 125 Wieler kritt, déi d'Propos presentéiert hunn. Et kënnen awer net déi 125 an d'Kommissioun kommen, mee eng Delegatioun vu maximal fënnf Leit.

D'Chamber prononciéiert sech mat enger Majoritéit vun de Stëmme fir oder géint d'Fortsetze vun der parlamentarescher Prozedur bei där Propos. Wann de Vott positiv ass, da gëtt d'Propos an eng parlamentaresch Kommissioun geschéckt, déi sech dann am Fong mat der Propos ausenanneretzt a se bearbecht. Den Examen au fond mécht sech no der Prozedur, wéi se fir d'Propositions de loi am Chambersreglement virgesinn ass. En negative Vott an der Pleniëre clôturéiert déi ganz Prozedur. Kënnst et dann zum Schluss zu engem positive Vott an der Pleniëre, jo, da gëtt déi Proposition vun de Bierger zu engem reegelerchte Gesetz.

D'Avisen, ugefaange beim Conseil d'État, der Chambre des Salariés, der Chambre des Fonctionnaires et

Employés publics an der Datschutzkommissioun, kënnst Dir an eisem schrëftleche Rapport noliessen.

D'Institutionskommissioun stoung geschlossen zu dëser Proposition an ech ginn hei bei dëser Geleeënheet dann och direkt den Accord vun der LSAP-Fraktioun a soen Iech alleguer Merci. A merci virun allem fir déi ganz positiv Zesummenaarbecht an der Institutionskommissioun a wéi och bei anere Saachen déi gutt Zesummenaarbecht mat der Reglementskommissioun. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo.

An da wier et um éischten ageschriwwene Riedner, dem honorabelen Här Léon Gloden.

##### Discussion générale

**M. Léon Gloden** (CSV), coauteur | Merci, Här President. Dem Rapporteur merci fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport an – et ass och ugeklungen – och merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an der Institutionskommissioun.

Hei ass e weidere wichtege Schrëtt zu enger breeder Biergerbedeelegung. Dat war och ee vun de Haaptpunkten an der neier Verfassung; d'Corapportere sinn an der Debat iwwert de Punkt schon op dem Riednerpult heirobber agaangen. De Rapporteur huet hei d'Detailer vun der Prozedur virbruecht, dofir brauch ech elo net méi an d'Detailer hei eranzegoen.

Wat awer wichteg ass: Et ass en zousätzlech Instrument niewent dem Petitiounsinstrument, niewent dem Instrument vun enger Consultatioun – et ersetzt awer natierlech net d'Chamber. Mir sinn den éischte Pouvoir vum Land a mir hunn d'Verantwortung, fir déi Gesetzer ze stëmmen oder net ze stëmmen, wéi mer dat dann an eisen Aarbechte mengen. Et muss een och wëssen, datt dëst Instrument vill méi wäit geet wéi zum Beispill eng Petitioun, an och d'Responsabilitéit vun deene Leit, déi dëst Instrument declenchéieren ass och vill méi grouss, well am Fong gi se eng Propos eran hei an d'Chamber, déi dann de Processus législatif duerchleift wéi eng Proposition de loi oder e Projet de loi, ni moins mee och ni plus. Dofir wollt ech dat hei nach eng Kéier ënnersträichen, well ech mengen, dat ass dobausse vläicht net esou wouergeholl ginn.

Da weist och dës Punkt, dëst zousätzlech Instrument: Wann een eppes juristesche decidéiert, muss een och genau wëssen, wat déi verschidden Etappen hannerdru sinn, déi ee muss duerchlafen, well mine de rien hu mer laang missen eis Gedanke maachen, wéi mer dat praktesch ëmsetzen. An do war et wichteg, datt mer de Backup haten hei vun der Chamberverwaltung an och vun externe Conseillere, fir dat eeben och kënnen iwwert den informatische Wee visuell kloer dohinner ze stellen, net ze komplizéiert ze maachen, fir datt d'Leit net scho virun engem Bierg stinn, éier se d'Instrument wëllen a kënnen declenchéieren. Dat war den Defi, nodeem mer d'Verfassung gestëmmt hunn, fir dat en route ze setzen.

An dofir nach eng Kéier merci fir déi gutt Zesummenaarbecht op dësem Punkt an ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Gloden. An da ginn ech d'Wuert un déi honorabel Madamm Simone Beissel. Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Simone Beissel** (DP), coauteure | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, virop och mäin häerzleche Merci un de President-Rapporteur Mars Di Bartolomeo fir säin exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport an, wéi gesot, ech hänke mech drun